N°7632
Entrée le 06.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet a vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n°7632 vum 21. Februar 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen iwwer déi geschwate Sprooche vun de Kontrolldoktere vum Contrôle médical de la sécurité sociale**

*1) Wéi eng Moossname gi geholl, oder wäerten an Zukunft vun der Regierung geholl ginn, fir datt d'Kontrolldoktere vum Contrôle médical sech mat de Salariéen, deenen hir beruflech Zukunft vun hinnen ofhänkt, op d'mannst an zwou vun den dräi Verwaltungssprooche vum Land ënnerhale kënnen? Ass d'Regierung gewëllt, eng Informatiounscampagne ze starten, fir d'Kontrolldokteren iwwer d'Noutwennegkeet vun enger sproochlech problemloser Kommunikatioun mat de betraffene Salariéen opzeklären?*

Den allgemenge Manktem un Doktere mëscht leider och net virum Kontrolldéngscht vun der sozialer Sécherheet (CMSS) haalt. Dobäi kënnt, dass d'Verdéngschtméiglechkeete fir een Dokter beim Staat vis-à-vis vun engem Dokter am Liberalen, dem säi Revenu iwwert eng Nomenclature assuréiert gëtt, dozou féiert, dass wéineg oder esouguer kee lëtzebuerger Dokter méi beim CMSS, a global beim Staat, postuléiert. Dësen Ëmstand féiert gären zu enger Sproocheproblematik.

Et ass awer esou dat am CMSS fir déi auslännesch Doktere beruffsbegleedend Lëtzebuergesch Couren ugebueden an och gehale ginn.

Ausserdeem ginn déi ze kontrolléierend Persoune vun engem Kontrolldokter gekuckt bei dem keng Sproochebarrière besteet souwäit dat organisatoresch méiglech ass. Schlussendlech ass et och vu Fall zu Fall méiglech een Iwwersetzer (oder eng Begleetpersoun) dobäi ze hunn.

*2) Goufen et an deene leschte fënnef Joer Reklamatioune vu Salariéen, déi sech net mat hirem Kontrolldokter verstännege konnten? Wa jo, wéi vill?*

Beim CMSS si bis elo keng esou Reklamatiounen erakomm.

Lëtzebuerg, den 6. Mäerz 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen